# 'T as nët fir wuertwiertlech ze huelen

*Et gi Leit - a vläicht gin et der ëmmer méi -, déi sin nët frou mat de Medien. Oder fir méi genee ze sin: si hu nët vill iwwreg fir de Beruff vum Journalist. Dës Leit mengen, d'Reporter wäre jhust do, fir an deenen anere Bierger hirem Privatliewen ze wullen. Op däer anerer Säit steet de Journalisten hiert Selbstverständnis als Affekote vun der Öffentlechkeet. Verschiddener mengen dorausser kënnen eng Légitimatioun als véierte Pouvoir ofzeleeden. Wéi fonktionéiert d'Informatioun a wouranner besteet d'Aarbecht vun de Journalisten? Dat as d'Fro, däer Médias, eng nei Publikatioun a Frankräich nogeet.*

Et gët gäere gesot, d'Journaliste géife jiddereen an alles kritiséieren, mee sech selwer géifen si nëmmen ongäer an d'Kaarte kucke loossen. Do as secher eppes drun, vläicht esouguer méi, wéi muencherengem ënnert hinne léif as. Wann een also eppes iwwert d'Liewen an der Redaktioun vu sénger léifsten Zeitung wëllt gewuer gin, muss een d'Konkurrenzblieder liesen. Mee wie mecht dat schon?

Bei der Televisioun as dat méi einfach. An deem Fall schéngt et sech bei de Redakteren, spéitstens awer, wann et em d'Présentateure vun den Neiegkeete geet, bal em sou eppes wéi Staren ze handelen, an also schreift all Mënsch ongenéiert iwwert si, am gudde wéi am schlechten.

Do dernieft komme regelméisseg Bicher eraus, an deenen d'Geschicht vun enger Zeitung oder Zäitschrëft noverzielt gët. Wat ëmmer spannend as, well ee meeschtens nieft den Hannergronninformatiounen och nach e puer Spiichten iwwert déi Leit fënnt, déi fir eng Redaktioun responsabel sin. Soss kennt ee jo jhust, wann iwwerhaapt, den Numm vun deem, dee schreift, an dat as nët grad vill vun enger Perséinlechkeet.

An da gët et ëmmer nees de Versuch, eng Zäitschrëft op de Marché ze bréngen, déi dem Lieser e Bléck hannert d'Kulisse vum Journalismus wëllt gin. *Brill's Content* war sou eng Entreprise. Si huet vun August 1998 bis Oktober 2001 gedauert. Dësen amerikanesche Magazine huet probéiert, kritesch iwwert de Journalismus ze schreiwen, huet am Numm vun de Mediekonsumenten opgepasst, wat si zervéiert kruten.

Mee déi Roll vum *watchdog* as keng einfach a keng bequem. Well wat fir e Kach léisst sech scho gäer an d'Dëppe kucken an, nach méi schlëmm, an d'Zopp späitzen? *Brill's Content* hat no manner wéi zwee Joer déck Problemer z'explizéieren, firwat de Stephen Brill, hiere schwéierräiche Proprietär, Accordën agaangen as mat Medienentreprisen, déi séng Zeitung am Fong hätt solle kontrolléieren.

Emsou méi gespaant huet een däerfen sin, wéi a Frankräich déi éischt Nummer vu *Médias* erauskoum. Den Ënnertitel as Programm: "L'info sur l'info". Direkter vun däer neier Publikatioun as den Hervé Lavergne. Deen huet ënnert anerem de *Courrier international* mat gegrënnt, eng lieseswert Sammlung vun alle méiglechen Artikelen aus alle méigleche Blieder aus alle méigleche Länner. Haaptaktionär vum *Courrier international* as an der Tëscht *Le Monde*. As et dann nach erstaunlech, datt grad dës Dageszeitung e frëndlechen Präsentatiounsartikel iwwert *Médias* publizéiert? Deen eenzegen iwwregens, dee mir an de Grapp gefall as - mee dat wëllt nët onbedéngt eppes heeschen. Ëmmerhin sin am Kapital vun der Sociétéit, déi Médias dréit, nëmme natierlech Persounen, keng grouss Entreprisen also, wéi mëttlerweil esou dax a Frankräich - wouduercher d'Onofhängegkeet vun den Zeitungen nët gewuess as.

Op deenen 132 Säiten vun der éischter Nummer vu *Médias* fënnt een eng Onmass vun Informatiounen. Allerdéngs sin der wéineg drënner, déi ee wierklech iwwerraschen. Den Titeldossier beschäftegt sech mat der Fro: "Comment sortent les affaires?" Doranner steet - wéi kënnt et anescht sin? - *Le Monde* am Mëttelpunkt. Gewëss, och *Le Canard enchaîné* a *Libération* gin ernimmt, mee hier Traditioun, fir investigative Journalismus ze maachen, as doudsecher méi al wéi déi vu *Le Monde*. Ofgesin dovunner gët ee vill méi am Edwy Plenel, dem Chefredakter vu *Le Monde*, séngem wonnerbare Buch *La part d'ombre* iwwert eng Partie Affäre gewuer wéi op de Säite vu *Médias*.

**D'Absicht as, fir "Lektiounen ze zéien, nët fir der ze gin", heescht et am Éditorial. Dat as schon eppes. Mee op dat duer geet, fir d'Lieser bei der Staang ze halen, dat as eng aner Fro.**

A wann de fréiere Juge d'instruction Eric Halphen am Interview seet, hie géif kee vu sénge Ex-Kollege kennen, deen engem Journalist e Procès-verbal vun enger Enquête zougespillt hätt, dann erënnert hien e bëssen un de Bill Clinton, dee mol eng Kéier behaapt huet, hien hätt kee Sex mat dem Monica Lewinsky gehat. Et soll een esou Aussoen nët zevill wuertwiertlech huelen.

*Médias* gesäit séng Missioun an éischter Linn doranner, de Konsument beim Dechiffréieren vun deem, wat hien all Dag an de Medië virgesat kritt, ze begleeden. D'Absicht as, fir "Lektiounen ze zéien, nët fir der ze gin", heescht et am Éditorial. Dat as schon eppes. Mee op dat duer geet, fir d'Lieser bei der Staang ze halen, dat as eng aner Fro.

PS: Den 30. Mee koum d'Nummer 2 vu *Médias* eraus (déi ee fir 4 Euro am Zeitungsbuttek kritt). Weider Informatiounen, besonnesch de Forum vun de Lieser, fënnt een um Internet ënnert *www.medias-magazine.com*.

**Romain Kohn**

*(Fräie Micro um honnert,7 vum 29. Mee 2002)*

